

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Mee 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Ënnert der Iwwerschrëft "Donnéeë ginn zerstéiert, mä net d'Statistiken" hat RTL de 26. Mee iwwert d'parlamentaresch Fro Nr. 2148 geschriwwen, déi den Här Finanzminister rezent beäntwert huet. Just iwwert deen Artikel ass e Mann rose ginn, dee genee de Konträr de nämmelechten Dag erlieft hat. Deem Artikel no sollt den 20. Mee Uerder un d'Douane gaange sinn, perséinlech Donnéeë vu Grenzkontrollen op der däitscher Säit ze zerstéieren. D'Statistike wäere vun dem Uerder awer net betraff. Tatsächlech ass mir zu Ouere komm, datt dee Mann op Grond vu schrëftlechen Notte vun den Douanieren op de Kapp zougesot kritt huet, datt hien net vir d'éischt do iwwert d'Grenz gefuer wär. Duerfir wéilt ech dës Verständnesfro un den Här Finanzminister stellen:

1. Kann den Här Finanzminister kuerz erklären, wat no senger Interpretatioun Statistike sinn a wat Donnéeën. Wéi ass et mat perséinlechen Donnéeën, déi a statistesch Tafelen agebonne sinn?
2. Sinn déi Statistiken, déi d'Douane huet duerfe bäibehalen, respektiv, déi si net hu müssen zerstéieren, anonym Daten (z.B. iwwert d'Zuel vu Gefierer mat Lëtzeburger Plack, déi iwwert d'Grenz gefuer sinn) oder sinn dat Statistike mat Donnéeë wéi z. B. der Immatriculatioun vum Gefier, déi nach ëmmer Réckschlëss op dem Chofer seng Identitéit zouloossen?
3. Gedenkt den Här Minister den Uerder iwwert perséinlech Donnéeën, deen un d'Douane gaangen ass, nach eng Kéier ze präziséieren an eventuell ze vill detailléiert Statistiken, déi et erlaben, de Propriétaire vun engem Gefier oder de Chofer ze identifizéieren, och zerstéieren ze loossen?
4. Ass dem Här Minister senger Meenung no mat dem Uerder vun der Douanes-Direktioun vum 20. Mee däitlech genuch ginn, datt och handschrëftlech Notizen an net digital erfaasten Donnéeën ënnert dësen Uerder falen?
5. Wéi schätzt den Här Minister an der Praxis d'Chancen an, datt all betreffen Donnéeën och tatsächlech zerstéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten